N°3805
Entrée le 17.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 3805 vum 19. Mäerz 2026 vum honorabelen Deputéierten, Marc GOERGEN, iwwert d'Gestioun vu Suchtsituatiounen a Prisongen**

**1. Wéi vill inhaftéiert Persounen zu Lëtzebuerg si komplett Fleegefäll ?**

Am Bezuch op Fleegefäll am Prisong ass ze ënnerstäichen, datt d'„aptitude médicale à la détention" fir all inhaftéiert Persoun systematesch evaluéiert gëtt. Persounen, deenen hire Gesondheetszoustand esou eescht ass, datt eng fräiheetsentzéiend Strof net sënnvoll wier oder zu enger wesentlecher Verschlechterung vun hirem Gesondheetszoustand féiere géif, gi medezinesch als haftonfäeg („inapte à la détention") agestuuft. Dës grondleeënd medezinesch Aschätzung gëllt virun allen aneren organisatoreschen, medezineschen oder sécherheetsrelevante Consideratiounen**.**

Zu Lëtzebuerg ass d'Zuel vun inhaftéierte Persounen, déi wéinst hirem Gesondheetszoustand e besonnesch héije Besoin u medezinescher Betreiung hunn, ganz limitéiert. Aktuell sinn zwou Persounen déi als Fleegefäll kënnen agestuuft ginn an der Infirmerie vum Centre pénitentiaire de Luxembourg (CPL) ënnerbruecht.

**2. Wéi gëtt an eise Prisongen d'Fleeg vu komplette Fleegefäll ëmgaangen, mat Hibléck op d'Hygiène, d'Ausféierung vu medezineschen Traitementer, d'Verofreechë vu Medikamenter an d'psychologesch Begleedung a wéi gi Mëssstänn oder Vernoléissegung verhënnert ?**

D'Fleeg vu Gefaangenen ass duerch national Gesetzer an international Norme gereegelt.

All Gefaangen huet e Recht op eng medezinesch Versuergung, déi der medezinescher Versuergung vun der allgemenger Bevëlkerung gläichgestallt ass („principe de l'équivalence des soins"). Gefaangener mat spezifesche Fleegebedierfnisser ginn deementspriechend medezinesch encadréiert. D'medezinesch Diagnos, d'Behandlung an d'Fleeg ginn duerch qualifizéiert Gesondheetspersonal assuréiert, dorënner Dokteren, Infirmieren an, wann néideg, extern Spezialisten aus Spideeler. Wat d'Hygiène an d'alldeeglech Fleeg ugeet, ginn déi grondleeënd Besoine vu Fleegefäll duerch dat zoustännegt Gesondheetspersonal assuréiert. Ausserdeem suergt d'Prisongsverwaltung fir ugepasst Infrastrukturen, wéi beispillsweis adaptéiert Better, barrièrefräi Duschen oder en Telealarm. D'Verofreechë vu Medikamenter erfollegt duerch d'Gesondheetspersonal a fir all Gefaangene gëtt ee medezineschen Dossier gefouert an deem de medezinesche Suivi dokumentéiert gëtt. Wat d'psychologesch Begleedung betrëfft, ass de Centre Hospitalier Neuro-Psychiatrique (CHNP) zoustänneg. Fir Mëssstänn oder Vernoléissegungen ze verhënnere ginn et verschidde Kontrollsystemer : eng intern Kontroll duerch d'Direktioun a medezinesch Servicer, eng extern Kontroll duerch den Ombudsman („Contrôle externe des lieux privatifs de liberté"), international Normen notamment duerch de „Comité européen pour la prévention de la Torture (CPT)" vum Conseil de l'Europe, souwéi intern an extern Reklamatiounsmechanismen, an Dokumentatiounen a Protokoller vun all medezinescher Interventioun. De medezineschen Encadrement gëtt am Centre pénitentiaire de Givenich (CPG) an am CPL duerch de Centre hospitalier de Luxembourg an am Centre pénitentiaire d'Uerschterhaff (CPU) duerch de Centre hospitalier Emile Mayrisch assuréiert.

3. **Ass de CPL personell an infrastrukturell equipéiert, fir Persoune mat engem héije Fleegebedierftegkeet fachgerecht ze betreien ? Falls net, wéi eng Alternativen oder aner Strukturen existéiere fir esou Fäll ?**

Am CPL, besonnesch an der medezinescher Unitéit, ass de Personalschlëssel aktuell esou definéiert, datt eng adequat Fleegeversuergung a medezinesch Grondversuergung vun de Gefaangen assuréiert ka ginn. Dës medezinesch Unitéit ass par contre net fir intensiv medezinesch Behandlungen ekipéiert. Am Fall, wou de Gesondheetszoustand vun engem Gefaangenen eng Opnam op enger Intensivstatioun erfuerdert, gëtt een Transfert an eng extern Spidolsstruktur organiséiert. Gläichermoossen ass, jee no medezinescher Indikatioun, och eng Orientéierung an eng spezialiséiert Struktur fir soins palliatifs virgesinn, wat an der Praxis och scho gemaach gouf.

4. **Gesäit d'Regierung Handlungsbedarf, fir d'Infrastrukturen oder de gesetzleche Kader unzepassen, fir schwéier Fleegefäll am Prisongswiesen adequat kënnen ze betreien ?**

D'Regierung erkennt d'Wichtegkeet un, datt och komplex Fleegefäll am Prisongswiesen op eng adequat a mënschewierdeg Aart a Weis betreit ginn. Gläichzäiteg ass d'Regierung der Meenung, datt de besteeënde gesetzleche Kader an déi aktuell Infrastrukturen eng passend Basis bidden, fir op dës Situatiounen anzegoen.

Et gëtt awer kontinuéierlech evaluéiert, ob punktuell Upassungen oder Optimiséierunge sënnvoll sinn, fir op nei Erausfuerderungen ze reagéieren.

5. **Wéi wierkt sech de Fakt, dass een ee Fleegefall ass, op d'Inhaftéierung vum Gefaangenen aus a wéi eng legal Reegelen applizéieren sech an sou engem Fall ?**

Fleegefäll kënnen net op all Detentiounsblock betreit ginn, well d'Infrastruktur oder d'Personal net iwwerall dofir ausgeluecht ass. D'grondleeënd Fleeg ka prinzipiell am Prisong duerch Dokteren an Infirmieren assuréiert ginn. Wann awer eng Fleeg ronderëm d'Auer néideg ass, gëtt op extern Spideeler zeréckgegraff. Och am Fall vu méi schwéiere Krankheetsbiller oder kierperlech beanträchtegt Gefaangenen dierfen d'Sécherheetsaspekter net ausser Uecht gelooss ginn. Kontrollmoossnamen, wéi beispillsweis Fouillen, ginn an dëse Situatiounen ugepasst an a Koordinatioun, respektiv no Récksprooch mam medezinesche Personal, organiséiert.

6. **Mir ass dës Weideren zougedroe ginn, dass am uewe genannte Fall eng Demande op elektronesch Iwwerwaachung trotz enger héijer Fleegebedierftegkeet, déi vun Dokteren ausserhalb vum CPL mat engem medezinesche Certificat „inapte à la détention" medezinnesch ënnerluecht gouf, refuséiert gi wier.**
    1. **Kann d'Justizministesch dëst bestätegen?**
    2. **Wat fir een Handlungsspillraum gesäit déi legal Basis an esou engem Fall vir, wou eng Persoun, déi ee Fleegefall ass, een Antrag op elektronesch Iwwerwaachung oder eng**

**alternativ Prisongsstrof ufreet a wéi gëtt dës Demande evaluéiert an tranchéiert a vu wiem?**

Der Prisongsverwaltung ass keen esou ee Fall bekannt. Wéi et aus der Äntwert op d'Fro n°1 ervirgeet, ass keng Persoun am Prisong, déi net adequat medezinesch betreit ka ginn.

Lëtzebuerg, den 17. Abrëll 2026

D'Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue